



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **02 OCT. 2020**  
Réf. QP-68/20

REÇU  
Par AM Christian, 08:11, 05/10/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°2764 du 2 septembre 2020 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et Monsieur le Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire n° 2764 de l'honorable Député Fernand Kartheiser**

Beim Bréifgeheimnis handelt et sech em eng Korrespondenz tëschent zwou Persounen, déi hiren Schrëftverkéier der Post uvertraut hunn. Mir schwätzen deemno vun enger Violatioun vum Bréifgeheimnis wann eng drëtt Persoun dës vertraulech Korrespondenz interceptéiert.

D'Bréifgeheimnis ass als Grondrecht am Artikel 28 vun eiser Konstitutioun verankert: „Le secret de lettre est inviolable“. Den Artikel 460 vum Code pénal gesäit Strofe vun 8 Deeg bis 1 Mount Prisong an eng Geldstrof vun 251 bis 2.000 Euro fir (oder nëmmen eng vun deenen Strofen) fir Drëttpersounen, déi entweder een Bréif, deen der Post uvertraut gi war, verschwannen gedoen hunn oder opgemaach hunn, mam Wëllen den Inhalt vum Bréif prais ze gi. D'Bréifgeheimnis, wat als solches am Code pénal verankert ass, bezitt sech deemno expressis verbis op den geschriwwenen Bréifverkéier, deen den Servicer vun der Post uvertraut gi ass.

Genau esou wei d'Post am geschriwwene Bréifverkéier d'Bréifgeheimnis respektéiere muss, müssen och d'Operateure vun elektronische Kommunikatiounszerwisser de „secret des correspondances“ respektéieren. Och an den elektronische Medien (souwuel vir SMS wéi vir Messageries Zerwisser) ass eng Strof virgesi vir Drëttpersounen, déi eng Kommunikatioun oflauschteren oder offänken.

Den Artikel 4, Paragraf 4 vum Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert « traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques » gesäit an deem Fall Strofe vun 8 Deeg bis 1 Joer Prisong an eng Geldstrof vun 251 bis 125.000 Euro vir (oder nëmmen eng vun deene Strofen). Des Weideren, sief och d'Gesetz vum 11. August 1982 iwwert « protection de la vie privée » ernimmt. Dëst Gesetz schützt d'Informatioun selwer an an dësem Fall ass den Support net ausschlaggebend, deemno ass et egal ob et sech em Pabeier oder een elektronischen Message handelt. Viséiert sinn och hei Drëttpersounen, déi virsätzlech een Message interceptéieren, wou bäi si net den Destinatär sinn, mat oder duerch wéi een Moyen och ëmmer.

D'Bréifgeheimnis applizéiert sech deemno net op den Fall wou den Destinatär vum Bréif oder vum elektronischen Message den Contenu vun deem prais selwer gëtt.

Et ass dem Justizministère an dem Medien- a Kommunikatiounsministère net méiglech Stellung ze huelen, wéi genau d'Rechtslag ass wann duerch eng Publikatioun een Nodeel oder een Schued, wéi enger Natur och ëmmer, entsteet. Et sief vermierkt dat den eenzelen Fall, respektiv déi eenzel Elementer vum Dossier müssen zesummen gedroen gi an dann au cas par cas muss analyséiert gi. Et ass net méiglech viraus ze soen, op eng Publikatioun juristeschen Konsequenzen mat sech bréngen kann an wéi wäit Responsabilitéit engagéiert ass.